

## **Allocution 2022**

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl

Léif léif Donateuren a Frënn vun eiser ONG

Dier Dammen an HäRen aus dem Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen, a Vertrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,

Léif Kolleegen aus der Schoul Am Sand

Léif Alleguer,

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero begréissen ech lech ganz häerzlech op eiser alljähreger AG, merci lech all datt dir iech op dësem sonnegen Fréijorsowend Zäit geholl hutt!

Eise Schäfferot léisst sech fir den Owend entschälllegen, Sie sinn op de 40. Gebuertsdag vum SIGI geruff.

An och de Quizowend an der Gemeng fällt zesumme mat eiser AG, sou datt och eng Réi Leit sech bei eis hu missen ofmellen, well hieren Intellekt do gebrauch gët.

No 2 Joer, Ongewëssheet a Restrictiounen si mir vrou, lech nees an engem méi gewinnten an normale Kader begréissen ze dierfen.

D'Pandémie huet sëcher iwverall hier Spuren hannerlooss, a huet besonnech am Rwanda verheerend Folgen op d'Gesellschaft am allgemengen, a speziell op d'Educatioun.

Trotz allem si mir vrou lech haut den Owend können z'informéieren, datt eis Projeten weidergelaaf sinn, d'Konstruktioounen zu Musamo wi geplangt realiséiert gi sinn, an eis Previsiounen vum läschte Joer, wann deemols och e besse mi virsichteg wi soss, trotzdem all realiséiert konnte ginn. D'Colette möcht iech gläich dono den détailléierten Rapport d'activités.

2021 war och e besonnescht Joer fir d'Schoul Am Sand, aus där eis ONG sät 2005 erausgewues ass: Sät 20 Joer si mir lo UNESCO-Schoul, mam Projet CONTACTS; deen eigentlech de Grondsteen vun eiser heiteger ONG.

Et erschéngt mir als wier et gëschter gewiecht, datt mir deen éischte Mail vum deemolege President vun der Associatioun Turere Ibibondo op eis deemoleg eenzeg AOL!!! Emailadress vun der Schoul kruten, op deen eenzege Computer an der Schoul, deen deemols mat Internetzougang geseent war! An och di éischt Fotoe vun de bestehenden 3 Klassesäll vum Centre scolaire Amizero, déi mir per Post mat hieren exoteschen Timbere kruut...

Deemols hätt mengen ech kee vun eis dreeme können, wat sech alles géing doen, wat den Impact vun engem Grapp Enseignant/en, an enger relative klenger Schoulcommunautéit kéint sinn.

Mëttlerweis schaffe mir mat eisem Coordinateur de projet op der Plaatz, dem Eugène Muyemana, mat 4 verschiddene Schoulen zesummen an haten di grouss Freed, eis Partner méifach op der Plaatz können ze besichen.

Mir hu können beobachten, datt am Rwanda considerable Efforte gemach ginn, fir eng Education de base pour tous ze erreeschen an d'Valeur vun enger Education de qualité Virrang huet.

Obwuel kee vun eis e Professionnel du développement war an d'Entwicklung vun eise Projeten munchmol och richteg beängschtegnd war, sinn ech iwwerzeegt, datt ét virun allem eis Enseignantsperséinlechkeet ass, di eis motivéiert huet, eis mat Leidenschaft an dës Projeten z'inverstéieren. Natiirlech geet et drëms, Zillen also Material ze finanzéieren, fir nei Klassesäll können ze bauen, awer den Impact dovunner ass bei wäitem méi déifgrënne wéi just d'Entstehung vun engem Schoulgebäi, well an deenen Joren lo Generatione vu SchülerInnen, vun enger Verbesserung vun der Schoulqualitéit konnte profitéieren.

A séngem Buch "Petit Pays" schreiwt de Gaël Faye, deen deemols als Kand aus dem Burundi virum Génocide am Rwanda huet misse flüchten:

*L'enfance m'a laissé des marques dont je ne sais que faire. Dans les bons jours, je me dis que c'est là que je puise ma force et ma sensibilité....*

An am nächste Satz schreiwst hien :

*„Quand je suis au fond de ma bouteille vide, j'y vois la cause de mon inadaptation au monde. »*

Weider am Buch schreiwst de Gaël Faye:

-Vous avez lu tous ces livres ? J'ai demandé.

-Oui, certains plusieurs fois même. Ce sont les grands amours de ma vie. Ils me font rire, pleurer, douter, réfléchir. Il me permettent de m'échapper. Ils m'ont changée, ils ont fait de moi une autre personne.

- Un livre peut nous changer ?

- Bien sûr, un livre peut te changer ! Et même changer ta vie. Comme un coup de foudre. Et on ne peut pas savoir quand la rencontre aura lieu. Il faut se méfier des livres, ce sont des génies endormis.

Mir gleewen drun, datt mir par procuration dozou bäidroen, dës "Genies endormis" ze hëllefen ze déciméieren an d'Kanner doduerger op hierem Wee zu zefriddenden reflexiv a resilient Erwuessener begleeden. Als Enseignante si mir eis bewosst, wéieng Wichtegkeet Erzéitung a Bildung scho bei deene Klengsten huet, an dofir beinhalten och eis Projet'en èmmer de Volet vun der Formatioun vun den Enseignanten an och spezifesch Formatiounen an Excursiounen fir d'Schüler.

A wéi ech virdru schon ugedäit hunn, ass den Impact vun eise Projeten net nëmmen op de Rwanda, Ruhango begrenzt...

Momentan kënnt dir am KHN eng Foto-Ausstellung vun de Schüler aus dem Grondschoul Am Sand gesinn, mam Numm : « Regards d'enfants », aus där dir

hei an dëser PP kënnt e puer FOtoe gesinn. Si ass no eise Visitten vun de Kanner vum C4 an der Ausstellung vum Edward Steichen "The Family Of Man" zu Clierf entstaanen. Heibäi hunn sech och Schüler aus dem CS Amizero bedeelegt, ugeleet duerch d'Elisa, wat am Moment grad do säi Service volontaire de développement mecht a selwer eng jonk Léierin ass. Nach ee neie Projet vun eiser Associatioun, deen 2021 ugelaft ass, nodeems och deen duerch de Virus op Äis huet misse geluecht ginn. D'Elisa schalt sech no eiser AG och live bäi an huet e Film zesummegestallt, fir iech séng Arbecht op der Plaatz ze weisen, a sein Engagement mat iech ze deelen.

D'Präsenz vun enger jonker Persoun zu Ruhango erméiglecht eng nei Bréck ze schloen tëscht eise béide Communautéiten, an d'Elisa wäert och no sengem Retour séng Erfahrungen mat de Schüler aus dem Sand deelen

La boucle est bouclée, kéint een heibäi soen, well mir mat dëser « Bréck » nees zeréck op den initialen UNESCO-Projet: CONTACTS zeréckkommen.

Wéi schéi wier et, wa mir dobäi gehollef hätten, datt d'Zitat vum Gaël Faye kéint fir di nächst Generatione vu Kanner editéiert ginn an et an Zukunft esou kéint heeschen:

"L'enfance m'a laissé des marques dans lesquelles je puise ma force et ma sensibilité. Quand je ne sais que faire, j'y vois mes possibilités et la cause de mes capacités et de mon succès.

Ech géif gären domadder ofschléissen, datt ech lech als Member an tréi Donateure vun eiser ONG en häerzlech Merci ausschwätzen, datt mir duerch Är Ennerstëtzung kënnen och an Zukunft Gneeratione vu Kanner erlaaben, Dieren opzemaachen, fir hier Plaatz an der Gesellschaft ze fannen.